

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 30. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Wéi den 30. August an der Press ze liesen war, huet d'Verwaltungsgeriicht den 20. Juli eng Decisioun vum Ëmweltministère annulléiert, déi et enger Koppel net erlaabt huet, eng Gebailechkeet an der Gréngzon liicht ëmzeänneren - et geet notamment ëm d'Erhéijung vum Daach. D'Verwaltungsgeriicht verweist op den Artikel 11 a 16 vun der Verfassung an op den Artikel 1 vum Zousazprotokoll iwwert de Schutz vun de Rechter a Fräiheete vun de Mënschen. An den Ae vum Verwaltungsgeriicht ass d'Proportionalitéit tëscht dem Naturschutz an - ënnert anerem - der Nohaltegkeet an dem Prinzip vun der Befriddegung vu mënschleche Bedürfnisser net respektéiert. Dëse Prinzip misst awer an deem Fall verfassungsméisseg garantéiert sinn.

De President vum Verwaltungsgeriicht huet an deem Kontext folgend Aussoe gemaach:

„Mir versichen, iwwert déi streng Buschtawen och nach déi grouss Prinzippien afléissen ze loossen, well déi stinn nach ëmmer driwwer. Do hu mir am Environnement den Artikel 11bis vun der Verfassung, dee seet, dass mer müssen en Equiliber schafen am Sënn vun der Durabilitéit an awer och, an dat ass ganz wichteg, am Sënn vun den haitege Generatiounen an deenen, déi nach wäerte kommen (...) Wann also an der Zone verte Gebaier stinn, déi schonn do waren, éier dat éischt Environnementsgesetz 1965 koom, an dacks souguer méi ewéi 100 Joer al sinn, dann hunn déi jo de Beweis gi vun hirer Nohaltegkeet an da kann een net zu deene Leit soen: Well kee vun lech méi dee Beruff huet, deen e misst hunn, also Bauer oder Wënzer zum Beispill, duerft Dir hei näischt méi änneren, dat geet net. Den Nohaltegkeetsprinzip ass dann do méi staark wéi eng streng Reegel. D'Constitutioun an déi international Dispositiounen sinn da Meeschter.“

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi positionéiert sech d'Regierung zum Virwurf, datt déi verfassungsméisseg virgeschriwwen Proportionalitéit tëscht dem Naturschutz an - ënnert anerem - der Nohaltegkeet an dem Prinzip vun der Befriddegung vu mënschleche Bedürfnisser beim uewe genannten Urteel net respektéiert gouf?
2. Gedenkt d'Madamm Ëmweltministesch, déi restriktiv Ëmweltpolitik vun hirer Virgängerin - och wat d'Bauen an d'Renovéieren an der Gréngzon ugeet - weiderzeféieren?

3. Gedenkt d'Regierung, dat uewe genannten Urteel ze respektéieren an et där genannter Koppel elo ze erlaben, hir Gebailechkeet emzeänneren oder wäert d'Regierung iwwert en anere Wee versichen, dëst ze verhënneren?
4. Wa jo, wéi wëll si dobäi konkret virgoen a wéi wëllen si dëst Virgoe rechtfäerdeg?
5. Ass mam uewe genannten Urteel an den Ae vun der Regierung net e grondsätzleche Paradigmewiessel fälleg, wat d'Autorisatioune beim Bauen a beim Renovéieren an der Gréngzon ugeet?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten